## PARTISANE-LIDD

Melodie: Mamatschi. — Text vum: H. Feller an R. Leches.

1.

Wat ass dat wat duerch d'Hecke schleicht all Owens eso' bal et Nuecht, ass et e Re', e F'as'che v'leicht?

Nen 't ass e Partisan op Wuecht.

Well wann et Owens deischter get da sin ons Jongen all um Dill.

Dir knaschtech Prejse weisst iech net well mir sin onser masseg vill.

Refr. Mir Jongen, mir si gezwongen ze schleichen durech Besch an Heck. Mais no'm Krich komme mir erem zereck.

.

A wa mir dann op Poste stin ma'm Karabiner an dem Grapp, da le'sst sech jo ke Preiss gesin mir hätten hien och gleich beim Schlapp. Well d'Partisane si keng gudd et ass net fir de Geck ze ma'n, mir hu jo all nach fei'regt Bludd gesin all Stonn dem Do't an d'An.

Refr. Mir Jongen, mir si gezwongen ze sche'ssen durech Besch an Heck. Mais no'm Krich komme mir erem zereck.

3

Onse Kom'rod Fritz hat Muerges-Wuecht, hie gong duerch Heck a Besch an Hed. Un d'Preisen huet hie kaum geduecht hie wor fir sech dach nie am Led.

Du kennt e Preiss him an de We de sche'sst... an trefft de Fritz an d'Hierz. Sei Bludd left donkel iwert d'Le an hie stierwt gleich o'ni Schmierz.

Refr. Mir Jongen, mir si gezwongen ze lussen durech Besch an Heck. Soss komme mir nom Krich net me' 'rem zereck

4.

An iegentwo' do setzt eng Mamm de' ge'f hiert Hierz-Bludd gäre gin. Könnt si am Wachen oder am Dram hire gudde Jong eremgesin. E Medchen trei a brav dat denkt: «Mei Jong dat ass e Partisan ech hun him mei klengt Hierz geschenkt dât ass fir mech nach lang keng Schan. Refr. Well d'Jongen, de' si gezwongen

זכ


ze lafen durech Besch an Heck.

Mais no'm Krich komme si erem zereck.

Mir Partisane sin och Menschen, de' wierklech fro' mam Liewe sin.
Dat enzegt wat mir ons nach wenschen datt mir onst Ländche frei gesin.
A wann dat Schicksal et gudd wellt mat engem letzehurger Kand, da get no'm Krich muench Tre'n gestellt a mir rechen ons als Bridder d'Hand.
Refr. Well d'Freihet, de' ass onst Liewen

Refr. Well d'Freihet, de' ass onst Liewen ons Freihet ass onst he'chste Gleck.
O Freihet, we'ni kennst du 'rem zereck.

impr. Jos. Beifort. Luxbg.



Rec torters 1 Line